Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.01.2008

9) **5833** - Projet de loi portant approbation du Traité de Lisbonne modifiant le Traité sur l'Union européenne et le Traité instituant la Communauté européenne, des Protocoles, de l'Annexe et de l'Acte final de la Conférence intergouvernementale, signés à Lisbonne, le 13 décembre 2007

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.01.2008

10) **5834** - Projet de règlement grand-ducal transposant la directive 2007/45/CE du Parlement européen et du Conseil du 5 septembre 2007 fixant les règles relatives aux quantités nominales des produits en préemballages, abrogeant les directives 75/106/CEE et 80/232/CEE du Conseil, et modifiant la directive 76/211/CEE du Conseil

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 28.01.2008

11) **5835** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 3 juin 2003 sur les transports par rail de marchandises dangereuses

Dépôt: Monsieur Lucien Lux, Ministre des Transports, le 28.01.2008

3. En date du 21 janvier 2008 l'association «D'Stëmm vu Bouneweg» a remis la pétition N°287 concernant l'installation d'un centre pour toxicomanes

3. Octroi du titre honorifique de leur fonction à des anciens députés

A senger Réunioun vum 14. Januar huet de Büro opgrond vum Artikel 200 vum Chambersreglement virgeschloen, dem Här Henri Grethen an dem Här Emile Calmes den Éierentitel vun hirer Fonctioun zouzeerkennen.

Ass d'Chamber mat deem Virschlag averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

4. 5681 - Proposition de loi relative à la modification de la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention - Article 63 du Règlement

An hirer Réunioun och vum 24. Januar huet d'Presidentekonferenz d'Proposition de loi 5681 iwwert d'Brevets d'invention op den Ordre du jour gesat. Ech wëll d'Chamber froen, ob se sech fir hir Prise en considération ausschwätzt. Et handelt sech heibäi ëm eng Décisioun, déi noutwendeg ass opgrond vun enger Dispositioun aus dem Chambersreglement.

Ass d'Chamber averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz an dërselwechter Réunioun Folgendes proposéiert: D'Chamber siégéiert haut de Mëtteg, muer de Moien um néng Auer an nomëttes um hallwer dräi, an iwwermuer - den Donneschdeg nomëttes - um hallwer dräi mat folgendem Ordre du jour:

Haut de Mëtteg fänke mer u mat enger Froestonn un d'Regierung. Uschléissend proposéiert d'Presidentekonferenz d'Interpellatioun vum Här Claude Adam iwwert d'Gewalt vun de Jugendlechen. Duerno hu mer dräi Projets de loi jeeweils nom Modell 1. Dat sinn d'Projeten iwwert d'Sécherheet am Schraasseger Prisong, de Contournement vu Jonglënster an de Bau vun engem Lycée zu Jonglënster.

Muer de Moie kéimen dës zwou Interpellatiounen op den Ordre du jour: eng vum honorabelen Här Braz iwwert d'Entwécklung vun eise Pensiounssystemer, an eng vum Här Huss iwwert d'Pollutioun an de Gebailechkeeten.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi proposéiert d'Presidentekonferenz fir d'éischt d'Opstellung vun enger Lëscht vun dräi Kandidate fir de Poste vun engem Conseiller d'État; duerno d'Designatioun vun engem Member fir de Centre pour l'égalité de traitement; da fënnef Projet-de-loien, fir d'éischt d'Ofännerung vum TVAs-Gesetz, dann e Projet iwwert de Faux-monnayage, e Projet iwwert d'Konkurrenz, de Projet iwwer eng Konventioun iwwert de Schutz vu kulturelle Gidder, a schlussendlech de Projet de loi 5736, e Kultur- a Sportofkommes tëscht Lëtzebuerg a Kroatien.

Den Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi proposéiert d'Konferenz der Chamber folgend Projeten: fir d'éischt de Projet de loi 5380 iwwert den Ubau vu genmodifizéierte Planzen an d'Proposition de loi vum honorabelen Här Kox iwwert d'Brevets d'invention - béid Punkte ginn an enger Diskussioun nom Modell 2 behandelt -, an dann als leschte Punkt de Projet de loi iwwert déi touristesch Infrastrukturen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

D'Madame Brasseur freet d'Wuert zum Ordre du jour.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, ech wollt eng Remarque maachen zum Ordre du jour, a speziell zu de Froestonnen. Mir gesinn hei un der Froestonn, dass sechs Questions parlementaires vun de Majoritéitsdeputéierte sinn. Et ass kee vun der Oppositioun derbäi. Dat kënnt och dohier, menger Meenung no, wéi mer organiséiert sinn. Mir kruten dës Kéier, wat d'Presenz respektiv d'Absence vun de Ministeren ubelaangt, sechs verschidde Lëschten. Si sinn also ëmmer erëm korrigéiert ginn. Dann ass et ganz, ganz schwiereg fir d'Fraktiounen a fir d'Deputéierte sech op Froen ze preparéieren.

Mir hätten eng gehat - déi wier och urgent gewiescht - iwwert d'Deklaratioune vum Här Krecké iwwert d'Fusioun vun der Chambre de Commerce mat der Chambre des Métiers, oder eng iwwert d'Société générale. Déi hätt ech un den Här Frieden geriicht. Déi zwee Ministere sinn net hei. Et ass ganz schwiereg fir ons, vu dass mer och net ze vill oft Chamberssitzung hunn, sech iwwerhaapt ze preparéieren, wa mer en dernière minute eréischt gewuer ginn, wie vun der Regierung do ass respektiv wien net do ass.

Ech géing lech bieden, Här President, dat doten eng Kéier an der Conférence des Présidents ze kucken, an da mam Regierungsmember, dee chargéiert ass mat de Relatioune mam Parlament, dat nach eng Kéier ze iwwerschaffen, fir dass mir als Deputéierten och onser Aarbecht uerdentlech kënnen nogoen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir haten déiselwecht Diskussioun an eiser Fraktioun haut de Moien. Ech ka mech eigentlech de Wierder vun der Madame Brasseur nëmmen uschléissen. Ech wär frou, wa mer effektiv an der nächster Conférence des Présidents eng Kéier géingen doriwwer schwätzen.

M. le Président.- Jo, ech muss soen, déi sechs verschidde Lëschte si mer och opgefall. Ech hu geduecht, et ass am Fong geholl gutt, datt een net Minister ass, wann ee permanent den Agenda esou changéiert kritt wéi d'Regierungsmemberen. Ech ginn awer emol dervun aus, datt se alleguerte valabel Excusen hunn, fir net hei ze sinn. Mä et ass awer richteg, wat d'Madame Brasseur an den Här Bausch soen. Et ass wierklech schwiereg fir d'Parlament, fir sech dorop anzestellen. Ech géif awer mengen, datt méindes am Laf vu Moien iergendwa missten d'Calepinë vun de Ministeren esou agencéiert sinn, datt se wéissten, wat dënschdes op se duerkënnt.

Mam Wonsch also un d'Regierung, fir hei dat Noutwendegt ze maachen - Här Di Bartolomeo, ech gesinn, Dir sidd ganz zefridde mat deem, wat gesot ginn ass -, hoffe mer, datt dat déi nächst Woche besser klappt.

6. Heure de questions au Gouvernement

Da komme mer elo zu där Heure de questions, wou haut eben nëmme Majoritéitsdeputéierte Froe gestallt hunn. Déi éischt Fro ass déi vum honorabelen Här Roth betreffend d'Désindexation des contrats conclus par les communes. Här Roth, Dir hutt d'Wuert. Är Fro riicht sech un den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf, deen eis haut de Mëtteg mat senger Presenz beéiert.

- Question N°237 du 29 janvier 2008 de M. Gilles Roth relative à la désindexation des contrats conclus par les communes, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Tripartitesaccord vum 28. Abrëll 2006 gesäit ënnert dem Kapitel «Maîtriser l'inflation» eng Désindexatioun vun de Kontrakter vir, déi de Stat ofschléisst an deem Sënn, datt d'Indexatioun sech ausschliesslech op de Volume vun der Lounmass bezitt. Menges Wëssens ass dës Désindexatioun nach net beim Stat ëmgesat.

Meng Fro duerfir un den Innenminister an dësem Kontext: Gëtt am Hibléck op déi nächst Indextranche net envisagéiert, dës Désindexatioun beim Stat och op den Niveau vun de Gemengen auszeweiden? Well d'Désindexatioun beim Stat nach net ëmgesat ass, wär hei net eng gemeinsam Démarche um Niveau vum Stat a vun de Gemengen ubruecht?

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Roth. Op eng kuerz a prezis Fro eng kuerz a prezis Äntwert vum Här Innenminister Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro vum Här Roth ass eng ganz interessant Fro a stellt a sech keng Problemer. Ech weess, datt beim Stat déi eenzel Ministèren amgaange sinn, an hire Kontrakter eng Désindexatioun virzehuele betreffend eben déi Elementer, déi net d'Léin betreffen, déi dodranner opgezielt sinn. Näischt hënnert also d'Gemengen dorun, datselwecht ze maachen. D'Gemengen hunn eng Autonomie communale. Den Innenminister kuckt just d'Legalitéit vun deem, wat d'Gemenge maachen. Et ass also legal, fir eng Désindexatioun a Kontrakter dranzesetzen, soufern d'Marchés-publics-Gesetz dat net ausschléisst. Dat heescht also, dass ech dat hei och als en Opruff un de Gemengesecteur gesinn, fir dann an deem Beräich esou virzegoen. Mir wäerte se als Regierung net dorunner hënneren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den honorabelen Här Schneider huet eng Fro un de Minister vun der sozialer Sécherheet iwwert d'Assurance dépendance. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°238 du 28 janvier 2008 de M. Romain Schneider relative au contrôle de la qualité des prestations de l'assurance dépendance, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss e bësse méi laang aushuelen, fir d'Fro ze stellen. Duerfir sinn ech net gradesou kuerz.

Wéi d'Assurance dépendance duerch d'Gesetz vum 19. Juni 1998 agefouert ginn ass, war keng Kontroll vun de Prestatioune virgesinn, weder wat d'Qualitéit nach wat d'Quantitéit ugeet. Just d'Servicer, déi déi Hëllef ubidden, haten iwwert den Agrément eng Kontroll duerch hire Ministère de tutelle, dat heescht de Familljeministère.

Opgrond vun deenen Evaluatiounen, déi vum Gesetz virgesi waren a stattfonnt hunn, huet déi Situatioun am Laf vun de Jore geännert. Esou huet d'UCM scho während enger Rei Joren eng Kontroll vun der Quantitéit vun de Prestatioune gemaach, an d'Cellule d'évaluation vun der Assurance dépendance huet duerch Modifikatioun vum Gesetz am Dezember 2005 zwou nei Missiounen an dësem Beräich bäikritt. Dat ass éischtens de Contrôle vun der Qualitéit vun de Prestatiounen, déi de Betraffenen zegutt huet, an déi aner Kontroll ass geduecht, fir ze kucken, ob dat, wat déi hëllefsbedürfteg Persoun effektiv kritt, och mat hire Besoinen iwwereneestëmmt.

Mengen Informatiounen no sinn dës lescht Kontrollen och sporadesch gemaach ginn. Natierlech ass d'Kontroll vun der Qualitéit vun enger Prestatioun schwiereg, respektiv kann delikat sinn, fir déi Persounen, déi de Soin kréien. Genee aus deem Grond ass mam Gesetz vun 2005 eng sougenannte Commission de qualité des prestations geschafe ginn, déi als Missioun huet - an ech zitéieren -: «d'élaborer des propositions de lignes directrices et de standards de référence, notamment en matière de qualité des aides et soins, aides techniques et adaptations du logement».

De Minister huet a senger Äntwert op d'Question parlementaire 1756 vum Juni 2007 gesot, déi Kommissioun wär konstituéiert ginn a géing an deenen nächste Wochen zesummekommen.

Elo wollt ech vum Sozialminister wëssen, wéi déi Kommissioun an der Tëschenzäit mat hiren Aarbechte weiderkomm ass an ob schonn éischt Propositiounen ausgeschafft goufen.

A wann dat net de Fall ass, wéini rechent de Minister mat deenen éischte Resultater vun dëser Kommissioun an a wéi engem Zäitraum kënnten déi Lignes directrices a Standardreferenzen ugewannt ginn?

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Den Här Minister Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass effektiv richteg, datt duerch d'Gesetz vum 1. Januar 2007 de Code des assurances sociales eng méi systematesch Kontroll an Démarche qualité an der Assurance dépendance virgesäit. Déi Missioun war expressis verbis net am Virgängertext vun der Assurance dépendance virgesinn.

Contrôle qualité, démarche qualité, Konzepter a Qualitéit sinn d'Missiounen, déi déi Commission du contrôle de qualité soll erfëllen. Déi Kommissioun ass zënter dem 21. Mee 2007 operationell a kritt progressiv dat noutwendegt Personal zur Verfügung gestallt: Fir d'éischt ass en Expert en matière de contrôle de qualité agestallt ginn an elo iwwert den Numerus clausus eng zousätzlech Infirmière, déi déi dote Konzepter um Terrain ëmsetze soll.

Elo ass et awer net esou, datt d'Qualitéit an de Strukturen och an de Soins à domicile eréischt nom 1. Januar 2007 erakomm sinn. Déi eenzel Prestatairen hu sech laang virdrun op de Wee vun enger Démarche qualité engagéiert, selwer Konzepter entwéckelt an déi och zesumme mat Experten aus dem In- an Ausland progressiv weiderentwéckelt.

Fir dat Ganzt ze begleeden an och fir déi Leit, déi vun de Prestatioune solle profitéieren, zu Wuert kommen ze loossen, hu mer 2006 eng Enquête Satisfaktioun vun den Ayants droit duerchgefouert an 2007 ofgeschloss, flächendeckend mat engem ganz staarke Reflux, an d'Resultater dovu ware gutt bis exzellent.

Mir ginn also net nëmmen op de Wee vun engem systematesche Contrôle an engem Konzept vu Qualitéit, mä mir froe systematesch och déi Betraffen, well mer mengen, dass déi Betraffen e ganz gudde Gradmiesser si fir d'Qualitéit vun deem, wat se u Soinë kréien. Mir wäerten och weider op deem dote Wee fueren. Mir sinn am Moment amgaangen, eng Enquête Satisfaction mam Secteur fir d'Institutiounen, d'Haiser also, ze preparéieren an dat wäert an dësem Joer ulafen a sech awer och iwwer 2009 nach ewech strecken.

Doriwwer eraus ass den Thema Qualitéit ee vun de Schwéierpunkte gewiescht vun der Journée nationale de l'assurance dépendance, déi mer dës Kéier fir d'éischte Kéier organiséiert hunn a wou de ganze Secteur ganz staark vertruede war, an och bewäerte Konzepter aus dem Ausland konnt mat op de Wee kréien.

Ech soen dem Här Schneider villmools Merci fir déi dote Fro, well mer kënne weisen, datt mer an engem vun de Secteure vun der Sécurité sociale net nëmmen déi Démarche qualité maachen, mä systematesch och Leit befroen. An ech mengen, datt dat e Konzept ass, dee mer a sämtleche Beräicher vun de Services sociaux sollen duerchféieren, well ech mengen, datt ee virun allem dee beschte Feedback kritt, wann een deene Leit, déi vun de Leeschtunge profitéieren, och eng Stëmm gëtt.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Madame Frank huet och eng Fro un de Minister vun der sozialer Sécherheet iwwert d'Maisons médicales. Här Minister, Dir